Albert BOCHET
5,rue Ch.Colomb
Luxembourg-Gasperich

Letzeburg den 7 Abrell 1949

Monsieur Jos Weyrich

D U D E L A N G E

Heimadden schecken ech dir e puer Sâchen de's du vleicht dén naechste Sonndeg an der Versammlong gebrauche kanns.
Matt beschte Gre'ss bis e Sonndeg

A. Bochet.

I Frô: Mir froen de Gremling.
We' bass du iwerhapt President gin vun der Ligue ?
Basst du Statutegeme'ss am SECTIO'NSCOMITE vun irend enger Sectio'n ?
Wa jo, we' bass du an de Sectio'nscomité vun der Sectio'n Strossen komm.
De Komerod Reichling vun der Sectio'n Strossen kann hien enner Ed aussoen datt de Gremling vun de Jongen vu Strossen gewielt gin ass am Joer 1948,oder huet de Komerod Reichling e puer Deg virun de Wahlen, dât hescht am Oktober oder November 1948 dem Schergen en Ziedel an de Bureau eragin wo'drop stong de Gremling wàr am Sectio'nscomité vun der Sectio'n Strossen,an d'Jongen vu Strossen wessen neischt vun eso' enger Embildung an hierer Sectio'n ?

x x

II Frô: De Komerod Felten dén schon dat lescht Joer am C.C. woer an an dém Joer hechstens 3 Mol an de Setzongen vum derzeitegen C.C. wor,well hien op der Eisebunn schafft a keng Gelegenhet huet fir de Setzongen beizewunnen,ass hien fir un de leschten Wahlen vum Kom.Wohlfart opgefuerdert gin sech och fir den neien C.C. nes ~~XXXX~~ opzesetzen,obschon de Komerod Felten dem Komerod Wohlfart gesot huet hien hätt keng Zeit,huet de Komerod Wohlfart him en Oer vum Kapp geschwat fir datt hien sech nés soll opsetzen, fir eso'guer ganz secher ze sinn,datt hien sech geng opsetzen huet de Wohlfart de Felten nach Freides nomettes fir d'Wahlen opgesat, eng Stonn duer no ereschtt huet de Felten sech och nach eng Ke'er perse'nlech ugemellt.
De Komerod Felten wor zenter datt d'Chargen vum C.C. verdélt go'wen ~~eresch~~ vum November bis de 15 Februar a kenger énzeger Setzong.

III Fro: De Fall Bochet: Nodém mir mam Kom.Bochet Recksproch geholl hun kenne mir genéeres iwer sei Fall mattdélen:

Nodem den neien C.C. zesummegestallt wor,huet de Kom.Bochet seng Arbecht emol we' d'anert mol duerchgefo'ert,jo en huet se so'guer nach besser gemacht,dât konnt jo jidderen gesin dén opt Zeidong Ons Jongen abonne'ert ass oder war,de' de'zeiteg Chreschtdagsnummer hât 32 Seiten d.h. et woren e leng 8 Seiten Annoncen an der Zeidong de' der Caisse 23.000 Frand erabruecht hun.
Des Zeidong ass eso'guer vum neie President dem Gremling geluewt gin,mais net vum Fernand Georges,well an der Nummer kén Artikel vun him dra wor,vun dém Moment un ass d'Gesteppels vum Fernand Georges ge'nt de Bochet ugângen,am Januar ass nämlech schon, vum Kom.Fandel gesôot gin datt de Bochet geng fle'en,d'Ursach war de' datt de Bochet dem Fandel net me' gefall huet,do duerch datt hien him eng Aentwert an der leschter Assemblée Generale gin hat; we' du de Fernand Georges och kén Artikel an der Chreschtdags nummer hat,wor dem Bochet sein Do'desurdél ennerschriwen,et huet elo nemme me' gefélt de President op hier Seit ze kre'en fir datt de Bochet soll fle'n.

Dât ko'm du och se'er no:
De' e'scht Zeidong am Januar ass scho vum Gremling kritize'ert gin,well de Bochet 2 Biller vun der englescher Prinzessin mat hierem Baby an de' Nummer gesât hât,de Gremling huet zum Bochet gesot: Wât hun de' englesch Prenzen an der Zeidong "Ons Jongen" ze sichen,eso' eppes brauche mir net an onser Zeidong.Dorob huet de Komerod Bochet him geäntwert: Wanns du mengs sie missten eraus bleiwen da bleiwen se eraus,mais ech erlabe mer ze bemierken datt eso' Biller e gro'ssen Succés bei onsen Mammen a Médercher hun.

De' zwe't No vun desem Joer huet de Komerod Bochet och nach gemach mais knapps wor de' eraus du ko'm schons erem eng Kritik vum Grem-

ling , well d'Lidd vun der J.O.C. an onser Zeidong ofgedreckt wier,dât hât de Bochet net ze veraentwerten,well dât Lidd ass op Uregong vum President vum Redactio'nscomité dem Kom.Bruch an ons Zeidong komm.
Kuerz no dénen Virkommnesser huet de Gremling de Kom.Bochet enges Muerges ugeruff an him an engem scharfen To'n gesot hi misst him d'Korrespondenz de' fir d'Ligue erake'm all Muerges bei hien op de Bureau schecke lossen,dâtselwecht hat iwregens de Kom.Schergen dem Kom.Bochet schon e puer Dég virdrun mattgedélt,nodem datt de Gremling du dé Muergen an engem schärfen To'n him dât selwecht repéte'ert,huet de Kom.Bochet dem Gremling an dem selwechten To'n mattgedélt,datt zenter hie President wier am ganzen nemmen 3 Bre'f un den C.C. geriecht gi wieren,an datt hien him keng Bre'f kennt gin wa keng ke'men.
~~AnAAAAAAA~~ Weider sot du de Komerod Bochet dem Gremling,firwât datt elo nodém datt hien d'Korrespondenz vun der Ligue"Ons Jongen" a vun der Zeidong "Ons Jongen" 4 1/2 Joer lang opgemach an och beäntwert hätt elo e bémol misst dem President iwerbruecht gin, hie geng dât als e Vertrauensbruch ugesin; We' de Komerod Gremling him keng Aentwert doropgin huet,huet de Bochet him riechteraus gesôt,hie soll matt sengem Geschwetzt net eso' ronderem de Brei vuren sie hätte jo schon beschloss datt ech(Bochet) misst aus dem Bureau vun der Ligue verschwannen(Gespre'ch Fandel-Schergen am Café de ~~la Bourse~~ FRANK)dorophin huet de Bochet d'Gespre'ch mam Gremling ennerbrach

De' IV Fro:
Kennen de' folgend Komeroden de' nach am C.C. sin enner Ed aussoen datt sie au courant sin vun dénen Circulairen an Artikelen de' vum Februar un erausgange sin ,dat héscht ier se erausgongen ?

De Kom. Felten
De Kom.Linden
De Kom.Meyer
de Kom Printz

De' V Fro: Ass de Fern.Georges e Ligener oder ass et kén?

An der Zeidong Ons Jongen No 4-5 stong: Eso'guer wann de F.Georges geng behâpten datt de Bochet duerch hien entloss gi wär,wär et ~~en Ligen~~ gen. ( Wien huet do geho'scht)

VI Frô. Firwât sin de' austriedend Komeroden net duerch ânerer ersât gin.? Firwât ass de Bochet net gefrôt gin fir dem Kom. Wintringer seng Platz am C.C. anzehuelen nodém dass de leschten seng Demissio'n gin hât. Ass et woer datt de Gremling gesôt huet de Bochet wier net me' an der Ligue,( Der Führer hat gesprochen)

## LES AVOIRES DE LA LIGUE ET DU JOURNAL "ONS JONGEN" A LA DATE DU 1FEVRIER 1949

| | |
|---|---|
| C.Ch.Postaux...................... | 60.488,- |
| Banque "La Luxembourgeoise"....... | 12.500,- |
| Caisse d'Epargne.................. | 40.000,- |
| Service Journaux(P.T.T.).......... | 3.000,- |
| Journaux Magasins et Annonces..... | 15.000,- |
| Contrats de Publicité............. | 10.000,- |
| Birtz,Rollingergrund(emprunt)..... | 1.000,- |
| Becker Itzig (emprunt)............ | 3.000,- |
| Meyer,Wasserbillig(emprunt)....... | 2.950,- |
| 1 bureau ministre (Limpertsberg).. | 1.500,- |
| | 149.438,- |

Siehe Artikel erschienen in der komm. Zeitung und Zeitschrift "Ons Jongen" betref. Entlassung des Beamten Bochet, wegen schlechter Geschäftsführung.

D'REPLIK VUM COMITE CENTRAL OP DE' DIDELENGER PROVOCATIO'N.
Siehe Artikel (Ons Jongen No 4/5)
ET ASS NET WOER DASS ONS ZEIDONG HIERT ERSCHENGEN ASTELLE SOLL, HIERT WEIDERBESTOEN ASS OPT d'MANNST FIR E JOER GESECHERT. ( We' verdre't sech de' Aussô aus dem Artikel matt enger schlechter Geschäftsführung.???)

Hei de Preis vun enger Zeidong we' se kascht huet we' d'Gehalt vum Bochet nach derbei wôr:

| | | |
|---|---|---|
| Imprimerie Bourg-Bourger: | 13.000,- | ( 16 pages) |
| Clichés................. | 1.000,- | |
| Collaborateurs.......... | 2.000,- | |
| Salaires................ | 6.500,- | ( 15 jours) |
| Frais divers(teléph.loyer timbres etc............ | 2.500,- | |

Alles berechent op 14 Dég d.h. 1 No 25.000,-

Et waren nach 4 Zeidöngen ze drecken d.h. 25.000 X 4 = 100.000,-

Bleiwt Recht: 49.438,- matt desem Geld konnten nach vill Rechnongen,de' eventuell ~~opstongen~~,bezuelt gin,d.h. no der Berechnong vum Bochet konnten hechstens fir 20.000 Frang Rechnongen opstoen.
Da wieren also nach 29.438.- renge Benefice do. Firwât sin d'Abonnenter i.wo.